



**Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes an dem Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Ufro n°5619 vum 28. Januar 2022 vun dem honorabelen Deputéierte Roy Reding iwwert d'Dominanz vun US-amerikanesch Ubidder vu Kreditkaarten**

Den honorabelen Deputéierte beriff sech a senger parlamentarescher Ufro op een Artikel aus engem däitsche Magazine iwwert Bezuelssystemer a geopolitesch Aspekter. Am besoten Artikel heescht et, datt déi däitsch Debitkaarte vum Typ Girocard, déi duerch eng Partnerschaft mat engem US-amerikanesch Ubidder vu Kreditkaarte kënnen am däitschen In- an Ausland benotzt ginn, zäitno aus dem Handel verschwanne kéinten. Den amerikanesch Ubidder huet effektiv ugekënnegt ab Juli 2023 déi Zort un Debitkaarten (Maestro) net méi eraus ze ginn, well se fir den Onlinehandel net gëeegent sinn. An deem Kontext schwätzt den Artikel vun enger Dominanz vun amerikanesch Ubidder um Kreditkaartemarké a verweist op eng Initiativ ënner dem Numm "European Payment Initiative" (EPI), déi et sech zum Zil gesat huet, en europäesche System fir Bezuelunge mat Bankkaarten op de Wee ze bréngen.

D'Banken an Lëtzebuerg hunn sech 2012 zesummen gëeenegt fir op de Debitkaartsystem V-Pay zrëckzegräifen, deen vun VISA Europe spezifesch fir den europäesche Maart ausgeluecht ginn ass. Et ass der Regierung net bekannt, datt den V-Pay Bankkaartensystem soll agestellt ginn. Eenzel Lëtzebuerger Banken bidden hiren Clienten zudeem säit kuerzem eng nei Debitkaart vum besoten Kaartenubidder un, déi eng Rei un zousätzlechen Méiglechkeeten bitt, an fir Online-Akeef kann benotzt ginn. Esou kann och de neisten Gewunnechten vun den Konsumenten besser Rechnung gedroen ginn.

D'EPI-Initiativ ass eng reng privat a kommerziell Initiative vun enger Rei Groussbanken aus Europa, déi sech zesummegegess hunn fir pan-europäesch Bezueléisungen auszeschaffen, déi sech op d'Direktbezuelungen (instant payment) an eng europäesch an EU-weit uwennebar Bankkaart stäipen. Eng Rei Mammenhaiser vu Lëtzebuerger Banke sinn och un der EPI-Initiativ bedeelegt.

Et ass wichteg, de Konsumenten bequeem, sécher, attraktiv a modern Bezuelméiglechkeeten unzebidden, déi ënnert engem méiglechst einfachen a gemeinsamen legislative Kader europawäit benotzbar sinn.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt an deem Kontext ausdrécklech déi nei Strategie vun der EU-Kommissioun iwwert eng weider Verdéiung vun europäeschen Bannemaart vun de Bezuelserver ("Retail payments strategy"). D'Zil vun dëser Strategie ass et déi néideg Voraussetzungen fir eng weider Verdéiung ze schafen, d'Entwécklung vun europäesche Bezueléisunge weider ze fërderen, an esou déi strategesch Autonomie vun der Europäescher Unioun ze stäerken.

Anescht wéi den honorabele Deputéierte dat undeit, gött de gréissten Deel vun de Bezuelungen tëscht de Bierger an dem Staat net mat Boergeld gemaach, mä iwwert Virement. An eenzele Beräicher sinn och Bezuelungen iwwert Kreditkaart oder via QR Code méiglech, woubäi et sech em ee Service vun enger lëtzebuergescher Firma handelt.

Lëtzebuerg, den 1. März 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes